# E Liewe wéi e Roman

*De Rudolf Augstein gëlt, op d'manst am däitschsproochege Raum, als Journalist vum Joerhonnert. De Chef vum Neiegkeetemagazin Der Spiegel huet op alle Fall eng formidabel Carrière hannert sech. Scho mat 23 Joer krut hien d'Lizenz fir säi Wocheblad vun den englesche Besatzer, an hien huet séng eemoleg Chance op genee esou eemoleg Art a Weis genotzt. Mat bal 79 Joer as hien amgaang, säin Haus ze bestellen, och wann et him zanter laangem nëmme méi nach zu engem Véirel gehéiert. Elo as eng nei Biographie vum Otto Köhler iwwert den Augstein erauskomm.*

De Biograph Otto Köhler, bekannt fir séng polemesch Fieder, as e gebrannntent Kand. Hien huet tëscht 1966 an 1972 fir de *Spiegel* eng Mediëchronik geschriwwen, an däer hie gäeren an dax iwwert de konservativen Éditeur Axel Cäsar Springer hiergefall as. No dem Springer séngem Doud 1985 mengt hien erausfonnt ze hun, hie wäer séngerzäit vum Augstein mëssbraucht gin. D'Drockqualitéit vum Spiegel war deemols, Mëtt vun den 1960er Joeren, nët gudd, an de Springer-Verlag huet eng nei Imprimerie gebaut, déi de Weekend fräi Kapazitéiten hat. Mee wéi hätt den Augstein sénge kritesche Lieser sollen explizéieren, datt hiert Blad beim Patron vun der *Bild*-Zeitung géif gedréckt gin? Andeems hien eng Rubrik schreiwe gelooss huet, an däer stänneg op de Springer gefacht gouf — mengt jiddefalls de Köhler. Den Hermann Schreiber, deemols Reporter beim *Spiegel*, schreift dogéint a sénger Rezensioun vun der Augstein-Biographie, et hätt tatsächlech un Divergenzen iwwert d'Ausriichtung vun der Chronik gehaangen.

Enttäuscht as den Otto Köhler doriwwer eraus, datt de publizisteschen Held aus sénger Studentenzäit — e gewësse Jens Daniel — nët hält, wat sech de Biograph vun haut vun him versprach hat. Jens Daniel, dat as de Pseudonym vum Rudolf Augstein, ënnert deem hie mat spatzer Fieder géint dem Bundeskanzler Konrad Adenauer séng West- a Militärpolitik polemiséiert. Dem Augstein as kloer, datt eng Oprëschtung vu Westdäitschland déi defintiv Trennung vun Ostdäitschland bedeit.

Datt hien a séngen éischte Commentairen als Jens Daniel nët direkt géint eng Remilitariséierung plädéiert huet, war dem Student Otto Köhler ni opgefall. Et war éischter, wéi de grousse Politolog Iring Fetscher eng Kéier sot: "Mir hun den Augstein méi gauchistesch gelies, wéi e war."

**Schued as virun allem, datt de Spiegel selwer ni a sénger eegener Geschicht recherchéiert huet, wéi viru kuerzemnachden Evangelesche Pressedéngst epd a sénger — mat battere Konsequenzen allerdéngs.**


## FOI ET RAISON

**Cinq soirées de dialogue avec les religions et la culture moderne**

L'*Association Luxembourgeoise des Universitaires Catholiques* invite tous les intéressé(e)s à une table ronde et quatre conférences sur le thème: "Foi et Raison". Réfléchir sur le rapport entre foi et raison est une condition nécessaire pour penser la construction d'une Europe informée de son passé religieux et prête à s'ouvrir aux cultures les plus diverses.
Les soirées de dialogue avec les religions et la culture moderne se comprennent comme une ouverture sur le phénomène religieux et un effort d'articulation entre foi et raison. Cette articulation peut se nourrir de la longue tradition de pensée européenne dont sont repris ici quelques moments essentiels. A commencer par les grandes synthèses médiévales où foi et raison se rencontrent et s'enrichissent mutuellement dans les cultures diverses juive, chrétienne et musulmane. Suivent des réflexions sur les mises en question et les efforts modernes de réinterprétation du religieux (Kant, Strauss et Feuerbach) et une élucidation de la tentative renouvelée d'approfondir la tension entre foi et raison (Semen Frank). Le rationnel continue aussi de nos jours à se mesurer au religieux comme le montrent les discours sur la démonstration de l'existence de Dieu.

*Jeudi, 3 octobre 2002, 20.00 heures*
**Foi et raison, deux dimensions respectées dans les traditions judaïque, chrétienne et musulmane?** - M. **Joseph Sayagh** (Grand rabbin de Luxembourg), M. **Paul Weber** (professeur de philosophie), M. **Enrico Boaretto** (Centre Culturel Islamique)

*Jeudi, 10 octobre, 20.00 heures*
**Kant et la question de l'espérance -** M. **Robert Theis** (professeur de philosophie)

*Jeudi, 24 octobre, 20.00 heures*
**Strauss und Feuerbach: Gott, Mythos oder Projektion des Menschen -** M. **René Kayser** (professeur de philosophie)

*Jeudi, 7 novembre, 20.00 heures*
**La raison face à l'absolu. Semen Frank, penseur de l'expérience de la foi** - M. **Jean Reiter** (professeur de philosophie)

*Jeudi, 21 novembre, 20.00 heures*
**Sinn und Aufgabe der philosophischen Gottesbeweise** - M. **Christophe Berchem**

L'exposé sera suivi d'un débat auquel le public est invité à participer. Les cinq soirées de dialogue auront lieu au *Centre Convict, 5, avenue Marie-Thérèse à Luxembourg*.

Richteg rosen as den Otto Köhler, datt den Augstein an de *Spiegel* ni Hemmungen haten, onappetitlech Leit aus den Nazi-Reihen als Redakteren an Informanten ze beschäftegen. Een Deel vun dësen Informatiounen as scho bekannt gewiescht, mee dëst Kapitel bleift de blanne Fleck an der Geschicht vum *Spiegel*. Schued as virun allem, datt de Spiegel selwer ni a sénger eegener Geschicht recherchéiert huet, wéi viru kuerzem nach den Evangelesche Pressedéngst *epd* a sénger — mat battere Konsequenzen allerdéngs. Duerfir däerf de Köhler dann och sarkastesch kommentéieren: “E Kujau [dat war de Fälscher vun de sougenannten Hitler-Tagebicher am Magazin *Stern*, r.k.] huet den Augstein ni musse beschäftegen, séng Serië [speziell déi iwwert de Brand vum Reichstag, r.k.] goufe vun echten Nazië geschriwwen”.

Zwou Saache stéiere mech terribel um Otto Köhler sénger, am ganze gekuckt, mësslongener Biographie. Déi eng as deen onmotivéiert hämeschen Toun vum Buch, well hie fällt permanent op säin Auteur zeréck. De Rudolf Augstein as fir d'fënnefte Kéier bestued. As dat eng Uersaach, fir sech driwwer ze mockéieren, datt de Mann nëmmen 1,69 Meter héich as a bal ëmmer Fraen u sénger Säit hat, déi gäeren e Kapp méi grouss waren? Déi vläicht topechste Remarque steet awer schon op Säit 32 a mécht d'Weiderliesen nët méi einfach: “Vier Tage später, Klein-Rudi hat schon einige Male kräftig in die Windeln gemacht, marschiert in München Adolf Hitler mit seinen Getreuen zur Feldherrenhalle. So kommt eins zum anderen.” Mäi Schung… Gët et haut aus Käschtegrënn kee Lektorat méi, oder wëssen déi Leit nët méi, firwat hiere Beruff do as?!

Déi zweet Saach as déi permanent Verschwörungstheorie, déi sech duerch dem Otto Köhler säi Manuskript zitt. Dës Laangen an dës Breede gët eng macchiavellistesch Intrig vum Frank Schirrmacher inszenéiert. Dee gouf uganks 1994 — mat 34 Joer — Herausgeber vun der *Frankfurter Allgemeine Zeitung,* responsabel fir de Feuilleton. Am Mee 1996 huet de *Spiegel* him nogewisen, datt hie mat séngen akademesche Mériten e wéineg gefuddelt hat. Doropshin hätt de Schirrmacher sech revanchéiert, schreift de Köhler, wéi hien dem Augstein am Joer 2000 de Ludwig-Börne-Präis zougesprach hätt. Duerch de jüdeschen Auteur, dee sech spéider aus politesche Grënn deefe gelooss huet, as eng Diskussioun doriwwer entstan, op e Publizist, deen am Ruff steet, antisemitesch Viruerteeler ze hun a fréier Nazië a sénger Redaktiounen ze toleréieren, dës Éierung iwwerhaapt verdéngt hätt. Dës Theorie vum Köhler ka gleewen, wie wëllt; iwwerzeegend as si jiddefalls nët.

**Martin Walser: "Rudolf, du bist wirklich der beste, schönste, liebenswürdigste, ungefährdetste Roman, der zuherzengehendste, den ich je gelesen habe."**

Sou as dat Buch déi ganzen Zäit: stilistesch an inhaltlech eng Erausfuederung. Wat gët ee gewuer, wann ee probéiert, dee ganzen Duercherneen an eng Uerdnung ze setzen? Datt de Rudolf Augstein 1942 an de Krich an un d'russesch Front geschéckt gouf, wou hien dräi Mol blesséiert gouf. Datt hien e brillante Schüler war, dee leider ni konnt studéieren, well mat 23 Joer krut hien d'Lizenz, fir vum Januar 1947 un de *Spiegel* ze publizéieren. Datt hien dem Konrad Adenauer Paroli gebueden huet an dem Helmut Kohl “Glückwunsch, Kanzler!” nogeruff huet, obschons deen de *Spiegel* anscheinend nët liest an ni fir en Interview zur Verfügung stoung. Datt hie fir vill Bierger quasi en Held gouf, wéi hien an der sougenannter *Spiegel*-Affär 104 Deeg am Prisong soutz — méi laang also, wéi zéng Joer drop fir déi Liberal am Bundestag. Datt hien et als séng gréisste publizistesch-politesch Leschtung ugesäit, e Bundeskanzler Franz Josef Strauß verhënnert ze hun.

Datt hie vill Suë mat séngem Magazin verdéngt, der awer och vill fir Mäzenatentum ausgin huet. Datt hien e knëppelhaarde Geschäftsmann ka sin, awer an der Redaktiounscrise uganks den 1970er Joeren sénge Journalisten d'Halschent vum Verlag geschenkt huet. Muenches gët een allerdéngs och nët aus dem Otto Köhler sénger Biographie gewuer. Do rentéiert sech dann e Bléck an dem Leo Brawand säi Porträt; de Brawand war vun Ufank u fir d'Wirtschaft zoustänneg an huet während der *Spiegel*-Affär fir kuerz Zäit esouguer als Chefredakter gewierkt.

Méng Hoffnung läit elo bei dem Rudolf Augstein selwer. Vu sénger Autobiographie gët vill geschwat, mee wou si genee drun as, weess ausser dem Auteur wuel keen. Wa si da wierklech eng Kéier bis fäerdeg as, wäer et un der Zäit, eng richteg gudd a kritesch Biographie vum *Spiegel*-Grënner ze publizéieren. Bis elo huet den Augstein nach all sénge Biographen ofgewénkt, wa si hie fir en Interview gefrot hun. Ze verzielen géif et mat Sécherheet genuch. Wéi sot säi Frënd, de Schrëftsteller Martin Walser, am Laf vun engem Gespréich am September 1998 zu him? “Rudolf, du bist wirklich der beste, schönste, liebenswürdigste, ungefährdetste Roman, der zuherzengehendste, den ich je gelesen habe.” Mat der Wierklechkeet, hänkt de Walser nach hannendrun, kéint et näischt ze din hun. Dat muss ee leider och vum Otto Köhler sénger Biographie soen.

PS: Otto Köhler: *Rudolf Augstein – Ein Leben für Deutschland*; München 2002 (Droemer); Leo Brawand: *Rudolf Austein*; München 1995 (Econ)

*(Fräie Micro um honnert,7 vum 18. September 2002)*

**Romain Kohn**